Média de
service public
100,7

# Redaktionell Standarden

[Versioun 1.1: 19/06/26]

Introduktioun ... 3
1. Iwwerpréiwe vun Informatiounen an Ëmgang mat Quellen ... 7
2. Onparteilechkeet a perséinlech Meenung ... 9
3. Beleidegend Sprooch an onhéiflecht Behuelen ... 11
4. Verstéierend Inhalter ... 12
5. Protektioun vu Kanner a Jugendlechen ... 13
6. Berichter iwwer Gewalt- a Strofdoten ... 14
7. Investigative Journalismus an aner sensibel Theemen ... 15
8. Kënschtlech Intelligenz (AI) ... 17
9. Extern Stëmmen ... 18
10. Onofhängegkeet an Interessenskonflikter ... 19
11. Partnerschaften, Sponsoring a kommerziell Kollaboratiounen ... 21
12. Relatioune mam Public an Ufroe vu baussen ... 22
Speziell Richtlinne fir Live-Emissiounen ... 24

# Introduktioun

De Média de service public 100,7 (MSP 100,7) steet am Déngscht vun der Allgemengheet. Säi wichtegst Gutt ass d'Vertraue vum Public, datt seng Offeren – Radio 100,7, Opus, komma, Internetsitten a mobil Applikatiounen esou wéi Presenzen op aneren digitale Plattformen – no beschtem Wëssen a Gewësse richteg informéieren, keng Falschmeldunge verbreeden an d'Gesellschaft esou representéieren, wéi se wierklech ass.

Fir dëst Zil dauerhaft ze erreechen huet den MSP 100,7 op där enger Säit selwer Wäerter, Prinzippien a Reegelen definéiert an, op der anerer Säit, sech dozou engagéiert, aner Reegelwierker ze respektéieren. Dëse Kader ass vun all de Mataarbechter:inne vum MSP 100,7 ze respektéieren.

Dës "Redaktionell Standarden" reegelen, wéi d'Wäerter an d'Prinzippie vum Service public am Alldag vum MSP 100,7 ze respektéiere sinn. Den Ursprong vun dëse redaktionelle Standarde läit am Bewosstsinn, datt d'journalistesch Integritéit fir den MSP 100,7 eng fundamental Roll spillt.

Déi redaktionell Standarden definéieren déi deontologesch a journalistesch Prinzippien, no deenen d'Mataarbechter:inne vum MSP 100,7, déi um Radio oder op den digitale Kanäl Contenu produzéieren, schaffen. Domat garantéiert de Service Public sengen Nolauschterer an Nolauschterinnen a Lieser:innen eng koherent a fiabel Informatioun.

Déi redaktionell Standarde si komplementar zu ë. a. dësen Texter:

- d'Gesetz vum 12. August 2022 iwwer de Média de service public 100,7;
- d'Konventioun vum 31. August 2022, déi d'Engagementer vum Sender fir d'Joren 2024-2030 festhält an de staatleche Finanzement garantéiert, respektiv déi aktuell Konventioun;
- den Deontologieskodex vum Presserot;
- de Redaktiounsstatut vum MSP 100,7, deen d'Rechter an d'Flichte vun de Journalisten a Journalistinnen esou wéi déi intern editorial Kompetenze vun der Chefredaktioun a vun der Direktioun reegelt.

D'redaktionell Standarde sinn ëffentlech, well de Public d'Redaktioun un hire Standarde soll kënne moossen.

D'Interpretatioun an d'Applikatioun op den Eenzelfall vun de redaktionelle Standarden orientéiert sech ëmmer un de Wäerter vum MSP 100,7 – Onofhängegkeet, Vertrauen, Dialog, Courage, Orientéierung – an un den zentrale Wäerter vun den ëffentlech-rechtleche Medien, wéi se vun der Union européenne de radio-télévision (EBU/UER) definéiert goufen a wéi se an Europa gedeelt ginn: Universalitéit, Onofhängegkeet, Exzellenz, Diversitéit, Verantwortung an Innovatioun.

D'Prinzippie sinn an dësem Dokument praxisorientéiert duergestallt, fir am Alldag an engem hekteschen Aarbechtsëmfeld einfach ugewannt kënnen ze ginn. Aus dësem Grond ass dëst Dokument esou kuerz wéi méiglech gehalen, ouni dobäi essenziell Aspekter ze vernoléissegen.

Méi detailléiert Aspekter sinn an den Annexen zu dësem Dokument beschriwwen.

## Fir wien d'redaktionell Standarde gëllen

Déi redaktionell Standarde gëlle fir all Mataarbechter:innen, ob als Salarié oder net, déi zum

redaktionellen Inhalt vun de Medie vum MSP 100,7, ob Audio, geschriwwen oder ënner anerer Form, bäidroen. Seng Prinzippie gëllen an éischter Linn fir d'Journalisten an d'Journalistinnen aus der Noriichteredaktioun. Mee si betreffen och d'Journalisten an d'Journalistinnen aus de spezialiséierte Redaktiounen, d'Animatricen an Animateuren, d'fräi Mataarbechter:innen, d'Korrespondenten an d'Korrespondentinnen an d'Volontairen an d'Volontairinnen.

Et ass wichteg, datt all Mënsch, deen am Numm vum MSP 100,7 schafft, dësen Text kennt a seng Prinzippien als Basis benotzt, fir ze entscheeden, wéi mat inhaltleche Froen ëmzegoen ass.

Am Dokument "Redaktionell Standarden" gëtt allgemeng de Begrëff "Journalist:innen" benotzt.

## Opbau vum Dokument

Déi redaktionell Standarde sinn an dësem Dokument ganz allgemeng an der Introduktioun presentéiert a ginn dann an 12 thematesche Kapitele preziséiert. Den Ofschloss mécht eng Notiz iwwer Live-Emissiounen, déi déi néideg Briefinge fir all Bedeelegt ëmfaasst, souwéi festleet, wéi mat engem Incident live op Antenn ëmzegoen ass. Verschidde méi spezifesch Prezisioune sinn a Form vun Annexen ugehaangen.

Déi eenzel thematesch Kapitele sinn allkéiers an dräi Sektiounen agedeelt, déi dräi "W": Wisou, Wéi a Wéini.

- Wisou ass et wichteg? Hei ginn d'Problematik an d'Prinzippien erkläert;

- Wéi gi Journalist:innen domat ëm? Hei stinn d'Richtlinnen, no deenen an der alldeeglecher Praxis mat de Prinzippien ëmzegoen ass;

- Wéini muss e leedende Redakter / leedent Redaktesch gefrot ginn? Hei gëtt erkläert, bei wat fir Froen a Fäll Journalist:innen hirer Hierarchie Bescheed soe mussen a si ëm hiren Accord froe mussen.

## Autonomie a Relatioune mat der Hierarchie

Am MSP 100,7 schaffe Journalist:innen, am Aklang mam Redaktiounsstatut, autonom an eegeverantwortlech. Mee si sinn och Deel vun enger Ekipp, déi eng gemeinsam Service public-Missioun erfëllt, fir déi d'Haus als Ganzt responsabel ass.

Dëst Dokument definéiert an deem Esprit Reegelen, wéini Journalist:innen hir Hierarchie informéiere mussen an/oder ëm en Accord froe mussen, also d'Entscheedung der Hierarchie virbehalen ass.

Als allgemenge Prinzip gëllt: Eng Ofklärung aus Virsiicht ass ëmmer besser, wéi net ze froen. Bei Onsécherheete sollt mat senger direkter Hierarchie geschwat ginn.

Déi konkreet Persoun, déi an der Hierarchie befaasst muss ginn, hänkt vum Service vun de Journalisten a Journalistinnen of, wéi deen allgemeng an zu deem spezifesche Moment organiséiert ass, dovunner, wien dee Moment disponibel ass, an och wéi aussergewéinlech de konkreete Fall ass.

Am Alldag ass dat de Journalisten a Journalistinnen hiren direkte Responsabelen am Dagesgeschäft. An der Noriichteredaktioun ass et de CvD-Déngscht, an anere Servicer de Responsabele vum Service. Et ass un dëse Responsabelen ofzeschätzen, ob si d'Decisioun selwer huele kënnen, oder ob si bei hirer eegener Hierarchie nofroe mussen. An Ausnamefäll kënne si d' Journalisten a Journalistinne froen, direkt z. B. mam Chefredakter/esch ze schwätzen.

D‘Responsabilitéit fir inhaltlech an deontologesch Froe beim MSP 100,7 sinn am Redaktiounsstatut festgehalen, wéi et vum Verwaltungsrot am Aklang mam Gesetz festgehale gouf. Esou huet de Chefredakter/esch eng iwwergeuerdent Roll iwwer deontologesch Froen an all de Servicer. Den Endresponsabele fir d‘Inhalter, déi vum MSP 100,7 produzéiert an diffuséiert ginn, ass den Direkter vum Etablissement public. Den Direkter muss z. B. am Virfeld forméiert ginn, wann Inhalter kéinten ëffentlech Kontroversen ausléisen oder riskéieren e juristescht Nospill ze kréien.

Well deemno keng spezifesch Persoun an net nëmmen eng Funktioun als hierarcheschen Uspriechpartner fir all d‘Journalist:innen definéiert ka ginn, gëtt an dësem Dokument d‘Notioun vum “Leedende Redakter/Leedenter Redaktesch“ (ogekierzt als “LRED”) gebraucht.

## Redaktionell Standarden an der digitaler Welt

Och wann déi redaktionell Standarde sech an der Reegel op Radiosinhalter bezéien, betreffe se all Form vu Verbreedung vu Contenuen op alle méigleche Plattformen duerch den MSP 100,7. Déi selwecht Standarden, déi bei engem klasseschen Noriichteflash als onëmgänglech gëllen, mussen och op e Post op de Soziale Medien ugewannt ginn.

Well déi selwecht Standarden appliz éiert ginn, kann eng Informatioun, déi fäerdeg recherchéiert ass, direkt op den digitale Kanäl vum MSP 100,7 publizéiert ginn, och wann d’Diffusioun um Radio eréischt méi spéit geplangt ass.

D’Journalist:inne si gehalen op den Accounte vum MSP 100,7 op de soziale Reseauen déi selwecht professionell Reegelen ze applizéiere wéi um Radio an um Internetsite.

D’Vertraue vun der Ëffentlechkeet an den MSP 100,7 a seng Medie kann och duerch d’Verhale vun de Mataarbechter:inne vum MSP 100,7 baussent der Aarbecht beaflosst ginn.

Och op hire privaten Accounte publizéieren d‘Journalist:innen dofir näischt, wat dem Image vum MSP 100,7 schuet. Si ginn och op hire privaten Accounte mam MSP 100,7 associéiert. Dofir publizéiere si bei Sujete vun ëffentlechem Interessi näischt, wat si net och op de Kanäl vum MSP 100,7 géife “posten”. D’privat Notzung vu Soziale Medien, a besonnesch d’Meenungen, déi op dëse Plattformen ausgedréckt ginn, däerfen net dozou féieren, datt eng Meenung – politesch oder anescht – dem MSP 100,7 oder engem vu senge Medien zougeschriwwe gëtt, obwuel si perséinlech gemengt ass.

D’Mataarbechter:inne benotzen déi sozial Reseauen net fir Interna vum MSP 100,7 ze devoiléieren oder Aktivitéite vun Aarbechtskolleegen a -kolleeginnen ze denigréieren.

Well Vertrauen eng zentral Roll spillt a séier a Gefor bruecht ka ginn, ass an dësem Dokument (Punkt 10) gereegelt, wéini extern, ëffentlech Optrëtter an Aktivitéite vun der Hierarchie autoriséiert gi mussen.

## Extern Produktiounen

Fir sécherzestellen, datt de Contenu, deen duerch fräi Mataarbechter:innen oder onofhängeg Produzenten a Produzentinnen erstallt gëtt, de Qualitéitsnormen a redaktionelle Standarde vum MSP 100,7 entsprécht, gëtt fir all extern Produktioun en zoustännegen Uspriechpartner op der Säit vum MSP 100,7 bestëmmt. Dës Persoun ass de Kontaktpunkt fir den externe Produzent. Si kontrolléiert – jee no Risikoanalys – d‘Material virun der Diffusioun.

Et ass Bestanddeel vun all Vertrag oder anerem Ofkommes mat externe Produzenten, datt si all

Ännerungen ëmsetzen, déi vum MSP 100,7 iwwer säin Uspriechpartner op Basis vun de redaktionelle Standarde gefuerdert ginn.

## Sprooch

D'Informatiounsvermëttlung ass fir den MSP 100,7 ganz wichteg. D'Messagë solle kloer a verständlech formuléiert sinn. Mee et läit och an der Natur vum MSP 100,7 senger Missioun, datt seng Mataarbechter:innen mat komplexe Sujeten ëmgoe mussen.

Ouni dës Theemen iwwerdriwwen ze vereinfachen oder ze banaliséieren, läit d'Aarbecht vu Journalist:innen doran, esou Inhalter fir den allgemenge Public verständlech ze maachen – ouni sech an Detailer ze verléieren oder Fachjargon ze notzen. Iwwerdriwwe laang Sätz, Schachtelsätz, onverständlech Fachbegrëffer, eidel Wierder oder Sätz, déi näischt heeschen, an Adjektiver, déi näischt bréngen, sinn ze vermeiden.

Redaktionell Standarden

# 1. Iwwerpréiwe vun Informatiounen an Ëmgang mat Quellen

## Wisou ass et wichteg?

D'Vertraue vun eisen Nolauschterinnen an Nolauschterer gewanne mir an éischter Linn doduerch, datt mir keng falsch Informatioune verbreeden. Mir informéieren eis Nolauschterer an Nolauschterinnen esou séier wéi méiglech, awer net iwwerstierzt. D'Vitess vun der Informatioun ass manner wichteg wéi d'Richtegkeet vun der Informatioun: Léiwer méi spéit a richteg wéi déi Éischt, mam Risiko spéider eng Richtegstellung diffuséieren ze mussen. Wann d'Nolauschterer an d'Nolauschterinnen d'Gefill hunn, datt si sech op eis Informatioune verloosse kënnen, stäerkt dat de Ruff vum Radio als seriö, onofhängeg an integer Institutioun. Net verifizéiert Storyen oder an der Hetz produzéiert Inhalter schueden der Kredibilitéit a bréngen d'Vertraue vum Public a Gefor.

## Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

All Bericht, Reportage oder soss e faktuelle Wuertbäitrag muss eng grëndlech Recherche als Basis hunn, esou wéi neutral a kloer presentéiert ginn, fir datt d'Nolauschterer an d'Nolauschterinne sech hier eege Meenung bilde kënnen.

Schnellegkeet ass manner wichteg wéi Zouverlässegkeet: Journalist:innen dierfen net, fir onbedéngt déi éischt ze sinn, eng Noriicht veräffentlechen, wann nach e Risiko besteet, datt si spéider muss korrigéiert ginn.

D'Sourcë ginn iwwerpréift, wa méiglech beim Numm genannt oder esou prezis wéi méiglech beschriwwen, besonnesch bei sensibelen oder kontroverse Sujeten. En Zitat (oder en O-Toun) attribuéiere mir obligatoresch senger Source. Wa mir enger Source Anonymitéit zougestinn, nenne mir esou wäit wéi méiglech d'Grënn, wisou si wëllt anonym bleiwen.

Fir Informatiounen, déi een net perséinlech iwwerpréiwe kann, sinn op d'mannst zwou onofhängeg an deckungsgläich Sourcen, déi en ënnerschiddlechen Hannergrond hunn a verschidden Interesse vertrieden, néideg.

Mir bezuelen zwou Presseagencen (AFP an DPA), där hiert Material mir ouni ze zitéiere benotzen dierfen. Trotzdeem iwwerhuele mir net eent zu eent hir Texter, mee baséieren eis op esou vill Sourcë wéi méiglech. Wann eng Presseagence exklusiv Noriichten huet oder wa se Informatioune mellen, déi nach net confirméiert sinn, zitéiere mir si.

Mir zitéieren aner Medien, wa mir hir Exklusivinformatiounen opgräifen – och wa mir an der Suite déi selwecht Informatioune vun eegene Sourcë confirméiert kréien. Am Online-Artikel gëtt den Originalartikel, esou wäit wéi méiglech, verlinkt.

D'Reiefolleg an d'Gewiichtung vun den Noriichten an de Flashen an am Panorama ginn op Grond vum Interêt public entscheet, no Krittäre wéi Aktualitéit, Aussergewéinlechkeet, Impakt, Relevanz fir de Public an der gesellschaftlecher Kontrovers. Den Detail ass an der Annex 2 beschriwwen.

Bei seriöe Virwërf oder Kritik, mussen déi betraffe Persounen d'Méiglechkeet kréien, op dës ze reagéieren. D'Form ka variéieren (Interview, schrëftlech Äntwert) a soll esou no wéi méiglech um initiale Bericht gesent ginn.

Quelleschutz ass net negociabel: D'Journalist:inne schwätze baussent dem MSP 100,7 net iwwer hir Kontakter, iwwer de Verlaf vun hiren Enquêten oder soss Interna. Quellen, deene Vertraulechkeet

zougeséchert gouf, musse geschützt ginn: Hir Identitéit ass souwuel intern, souwäit wéi méiglech, wéi no baussen, och par rapport vun den Autoritéiten, streng vertraulech ze behandelen.

Bei Opname muss der Persoun, mat där geschwat gëtt, kloer gesot ginn, datt d'Gespréich opgeholl gëtt.

Detailléiert Notte vu Gespréicher a Recherchë musse gehale ginn, fir datt d'Quellen an d'Preuven, op Basis vun deenen Inhalter produzéiert ginn, och spéider kënnen novollzu ginn.

Notzer-generéiert Inhalter a Sozial Medie mussen als Quell mat grousser Virsiicht behandelt ginn – d'Originn ass dacks onkloer an et besteet d'Gefor vu geziilter Täuschung. Dëst Material muss seriö iwwerpréift ginn an d'Quell soll dem Public transparent ugi ginn.

Sondagë kënnen d'Meenung vum Public beaflossen a musse mat Virsiicht presentéiert ginn. D'gesetzlech Restriktioune ronderëm politesch Sondagen a Wale mussen agehale ginn. Et ass wichteg, d'Grenze vun der Aussokraaft vun esou Sondagen ervirzehiewen an déi gestallte Froe genee erëmzeginn.

Wa feelerhaft Informatiounen diffuséiert goufen, mussen dës séier, kloer an transparent korrigéiert ginn – aus eegener Initiativ an am Idealfall am selwechte Sendungsslot. Bei schrëftlechem Contenu, z. B. um Internetsite, soll eng kuerz Bemierkung iwwer d'Ännerung bäigesat ginn. Och bei banale Sujete muss op d'Richtegkeet opgepasst ginn – all Ongenauegkeet kann d'Vertrauen an d'Aarbecht vum MSP 100,7 ënnergruewen.

D'Iwwerhuele vun Inhalter oder Live-Feeds vun Drëttpersoune muss am Virfeld evaluéiert ginn. Mat der Entwécklung vun AI a Deepfakes gëtt Bedruch méi realistesch, wat eng méi grouss Opmierksamkeet a Proaktivitéit bei der Iwwerpréiwung verlaangt. Bei renomméierten Organisatiounen (z. B. EBU oder aneren ëffentleche Senderen) sinn d'Risiken niddereg.

## Wéini muss e leedende Redakter/eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

D'Journalist:inne si verflicht, hiren LRED ze informéieren, wa si u kontroversen Theeme schaffen, fir sécherzestellen, datt si eng ugepassten Ënnerstëtzung kréien a fir déi néideg redaktionell Evaluatioun ze garantéieren.

Net voll iwwerpréifbar Informatiounen oder Inhalter mat anonymme Quelle mussen dem LRED ënnerbreet ginn, fir d'Glafwierdegkeet ze analyséieren an d'Risiken ofzeweien.

## 2. Onparteilechkeet a perséinlech Meenung

### Wisou ass et wichteg?

Mat senge Bäiträg fërdert den MSP 100,7 déi ëffentlech Debatt zu Lëtzebuerg. Eng strikt Onparteilechkeet an d'Duerstellung vun allen Argumenter an enger Diskussioun garantéieren eng equilibréiert Berichterstattung, ouni eng spezifesch Agenda ze ënnerstëtzen. D'Nolauschterer an d'Nolauschterinne kënne sech doduerch drop verloossen, datt si vollstänneg an éierlech forméiert ginn – e wichtege Bestanddeel, fir d'Vertrauensverhältnis mam Public, an deem et ganz ënnerschiddlech Vuen a Meenunge ginn, ze erhalen. An enger komplexer Welt besteet ëmmer d'Gefor, d'Sujeten ze staark ze vereinfachen oder virun allem Meenungen, déi polariséieren, ervirzehiewen. Et ass de Virsaz vum MSP 100,7 méiglechst vill Nuancen an der Meenungslandschaft ze weisen. Esou sollen Acteuren aus ville Beräicher zu Wuert komme kënne fir d'Debatt domat weiderzeentwéckelen. D'Verflichtung onparteiesch ze sinn an all relevant Argumenter ze presentéieren, ännert awer näischt drun, datt an engem Debat iwwerpréifbar Fakten net dierfen de Kierzeren zéie par Rapport zu Meenungen an Iwwerzeegungen.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Fir déi breet Ëffentlechkeet effikass an onofhängeg ze informéieren – onofhängeg vu kommerziellen oder aneren Interêten –, mussen d'Berichter neutral an onparteiesch sinn a gläichzäiteg d'Valeure vum MSP 100,7 respektéieren.

Wann et bei engem Theema e breede Spektrum vu Meenunge gëtt, soll dës breet Perspektiv gewise ginn, ouni Meenungen ze verdréien oder ze iwwerspëtzen, fir e méi grousse Effekt ze hunn. Déi verschidde Meenungen a Perspektive sollen dobäi all mat der selwechter konsequenter Rigueur hannerfrot ginn.

D'Diversitéit ass wichteg: Lëtzebuerg ass e Land mat ville Facetten. D'Couverture vun der Aktualitéit limitéiert sech dofir net just op déi institutionell Aktualitéit (Regierung, Chamber, Geriichter, Kulturhaiser an esou weider). Och aner Stëmmen (Betraffener, Experten an Expertinnen) sollen zu Wuert kommen.

Do wou den MSP 100,7 zur Conclusioun koum, datt e wëssenschaftleche Konsens besteet an an der Gesellschaft breet gedeelt gëtt – z. B. beim Theema Klimawandel oder Impfungen -, ass et net néideg, bei all Thematiséierung och déi minoritär Positioun ze nennen.

D'Offer vum MSP 100,7 soll kloer onparteiesch sinn. Dëst bedeit awer net, datt all Meenung an all eenzele Bericht muss vertruede sinn, wann am gréissere Kontext vun der Sendung an dem Programm all d'Vuen inhaltlech an zäitlech equilibréiert duergestallt sinn.

Och wann et harmlos erschéngt, d'Aarbecht vun enger karitativer Organisatioun ze luewen, bedeit de Prinzip vun der Onparteilechkeet, datt och dës nëmmen dann ernimmt ginn, wann et eng relevant Informatioun dozou gëtt. Soss entsteet den Androck, datt d'Aarbecht vun enger Organisatioun als méi wichteg wéi déi vun enger anerer gesi gëtt.

Onparteilechkeet gëllt och bei net-kontroversen Theemen: d'iwwerproportional Presenz vu bestëmmte Persounen, wéi Politiker:innen, déi iwwer hir Hobbyen (z. B. Fussball oder Jazz) sympathesch presentéiert ginn, ass ze vermeiden, well si an där Situatioun e bessert Bild vu sech kënne ginn, wéi zu politesche Sujeten.

D'Aktualitéit gëtt och kommentéiert, mee dat an enger strikter Trennung zu faktuelle Bäiträg.

Perséinlech Meenunge vu Journalist:innen oder Collaborateuren (och bekannte Perséinlechkeeten) kënnen ausgedréckt ginn, soulaang si kloer als perséinlech Meenungsbäiträg identifizéiert sinn. Meenungsformater dierfen awer net, zesumme gekuckt, exklusiv vun engem eenzele Grupp oder enger spezifescher Tendenz aus der Gesellschaft kommen. D'Meenung vum/vun der Journalist:in dierf an der faktueller Couverture vun der Aktualitéit keng Roll spillen.

D'Ausféierungen a Meenungsbäiträg (Chronik, Kommentar, Rezensiounen) mussen déi eege Meenung vum Auteur erëmspigelen. Wie sech als Illustratioun op aner Meenungsbäiträg berifft, muss déi zitéieren. E Meenungsbäitrag dierf kee Collage vun externe Meenungsbäiträg sinn.

An enger diverser Gesellschaft musse Journalist:inne reegelméisseg evaluéieren, ob hir Berichterstattung der Wierklechkeet vun der Gesellschaft gerecht gëtt.

Wa Privatleit zu kontroversen Theemen interviewt ginn oder Publikum fir eng Emissioun invitéiert gëtt, muss drop opgepasst ginn, datt eng Vilfalt vu Meenungen an u sozialen Hannergrënn vertrueden ass.

Journalist:innen a Mataarbechter:inne sinn invitéiert an hire Sendungen op Programmelementer, déi doranner gespillt ginn, anzegoen. Och Kriticken a Meenungen zu Bicher, Musek oder Ausstellungen si wëllkomm. Seng Begeeschterung mat den Nolauschterinnen an Nolauschterer ze deele mécht Radio attraktiv – soulaang keen Interessenskonflikt besteet.

## Wéini muss e leedende Redakter/eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

Berichter iwwer besonnesch sensibel oder kontrovers Theemen (z. B. politesch, reliéis, sozial) mussen duerch en LRED inhaltlech iwwerpréift ginn, fir eng balancéiert an onparteiesch Presentatioun ze garantéieren.

All Absicht d'Aarbecht vun enger spezifescher karitativer Organisatioun ervirzehiewen oder Spendenopruffer ze ënnerstëtzen, muss mam LRED ofgeschwat ginn. Esou eng Couverture ass nëmmen a rare Fäll zougelooss.

Ëmmer dann, wann e Risiko vun engem Interessenskonflikt, oder och nëmmen den Androck dovunner, wéinst Relatioune vu Mataarbechter:innen oder Partnerschafte vum MSP 100,7 besteet, ass eng Kontroll duerch en LRED noutwenneg.

## 3. Beleidegend Sprooch an onhéiflecht Behuelen

### Wisou ass et wichteg?

D’Benotze vu potentiell beleidegender Sprooch oder onhéiflecht Behuele ka Gesellschaftsgruppen, am besonnesche Minoritéiten, schueden – egal ob et ëm ethnesch Origine, sexuell Orientéierung, Handicap, reliéis Iwwerzeegungen, Nationalitéit oder Mammesprooch geet. Verantwortungsvoll Kommunikatioun stäerkt de Ruff vun engem deontologesch responsabele Journalismus, wat fir d’Zesummeliewen an enger diverser Gesellschaft fundamental ass.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Et ass déi grondleeënd Flicht vun de Mataarbechter:inne vum MSP 100,7 d’Mënschen, déi eis Gesellschaft bilden, mat Respekt ze behandelen – onofhängeg vun hirer Nationalitéit, ethnescher Origine, reliéiser Iwwerzeegung, sexueller Orientéierung oder anere Charakteristiken.

Et kann heiansdo virkommen, datt bestëmmte Communautéite sech duerch Standpunkten, déi a Sendungen oder online ausgedréckt ginn, provozéiert oder gestéiert fillen. Et muss dorop opgepasst ginn, datt keng Grupp vu Leit den Androck kéint kréien, si géif geziilt viséiert ginn, oder ënner onverhältnesméisseger Observatioun stoen.

Wa graff oder defteg Sprooch am Programm benotzt gëtt, oder Inhalter sollen diffuséiert ginn, déi gewësse Communautéite kéinte verletzen, muss redaktionell evaluéiert ginn, ob d‘Diffusioun vun dësen Inhalter tatsächlech justifiéiert ass. Dobäi muss och a Betruecht geholl ginn, datt ënner Ëmstänn Kanner nolauschteren.

Besonnesch Opmierksamkeet muss bei Musek an anere Bäiträg gëllen, wou den Text an enger Sprooch ass, déi an de Redaktiounen net geleefeg ass. D’Risike musse virun der Diffusioun evaluéiert ginn; wann néideg, sollen Iwwersetzunge gefrot ginn, fir sécherzestellen, datt den Inhalt den deontologesche Prinzippie vum MSP 100,7 entsprécht.

### Wéini muss e leedende Redakter/eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

All Inhalter, déi potentiell beleidegend Sprooch enthalen oder empfindlech kulturell, gesellschaftlech oder sozial Theeme behandelen, musse virun der Diffusioun vun engem LRED iwwerpréift an autoriséiert ginn, fir bei spéidere Reklamatiounen (wéinst schlechtem Goût oder Verletzung vum Anstand) professionell argumentéieren ze kënnen.

# 4. Verstéierend Inhalter

## Wisou ass et wichteg?

Potentiell belaaschtend a verstéierend Inhalter, z. B. där, déi Gewalt duerstellen, an deenen et sexuell Referenze gëtt oder déi potentiell psychologesch problematesch Theemen enthalen, kënnen eréischt no grëndlecher Evaluatioun diffuséiert ginn, fir onnéideg Belaaschtung vun den Nolauschterinnen an Nolauschterer ze vermeiden. Gläichzäiteg ass et esou, datt en erwuessene Public net vun de Realitéite vun der Welt ofgeschiermt brauch ze ginn – wéi Krich, Terrorismus oder Gewalt, wéi et se gëtt. Kloer Warnungen, éier esou Inhalter diffuséiert ginn, weise Verantwortung a Sensibilitéit a stäerken de Ruff vum Radio als kredibel Informatiounsquell.

## Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Et muss seriö ofgewie ginn, ob de Gebrauch vu verstéierendem oder belaaschtendem Material journalistesch justifiéiert a sënnvoll ass.

Reportagen, déi Theeme wéi psychesch Gesondheet, Drogen, Suizid, Iessstéierungen oder Gewalt am Stot behandelen, musse mat vill Sensibilitéit presentéiert ginn. Dobäi muss d'Privatsphär an d'Leed vun de Betraffene respektéiert ginn an d'Wierkung op vulnerabel Persounen appreciéiert ginn.

Wa potentiell verstéierend Material diffuséiert gëtt, muss am Virfeld ofgewie ginn, ob eng Warnung fir (on-air oder online) de Public drop opmierksam ze maachen ubruecht ass. Sou eng kloer Warnung ass besonnesch ubruecht, wa Kanner kéinten am Ëmfeld sinn oder d'Leit sensibel op d'Theema reagéiere kéinten.

No der Diffusioun vun engem Sujet, dee psychologesch Belaaschtungen ausléise kéint, sollen d'Kontakter vu Berodungsstellen oder spezialiséierte Servicer ugi ginn (z. B. Helplines).

Beim Theema Suizid oder méigleche Suizid muss speziell drop geuecht ginn, keng sensationalistesch Sprooch ze gebrauchen a Spekulatiounen ze vermeiden. D'Beschreiwung vun der Method vum Suizid soll am Prinzip net diffuséiert ginn.

Kënschtleresch Wierker, an deene Persoune matgemaach hunn, deenen zënterhier schlëmmt Feelverhale virgeworf gëtt, virun allem wa se strofrechtlech verurteelt goufen, dierfen nëmmen da weiderhi gespillt ginn, wann am Eenzelfall ofgewie gouf, wéi den ëffentlechen Impakt dovunner wäert sinn. D'Krittären, déi a Betruechtung geholl solle ginn, sinn ënner anerem d'Wichtegkeet vum Wierk, de Bäiträg zum Wierk vun anere Leit, déi sech näischt zu Schold komme gelooss hunn, an d'Fro, ob et en originaalt Wierk ass oder just eng vu méi Interpretatiounen.

## Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

All Inhalter, déi Gewalt duerstellen, an deenen et sexuell Referenze gëtt oder déi potentiell psychologesch belaaschtend Theemen enthalen, musse vun engem LRED iwwerpréift ginn, fir festzeleeën, ob se relevant a journalistesch justifiéiert sinn.

Wann et aus journalistesche Grënn als néideg ugesi gëtt, eng Suizidmethod ze beschreiwen, muss dëst virdrun dem LRED gemellt ginn.

All Decisiounen zu Warnunge virun Inhalter musse vum LRED approuvéiert ginn.

D'Decisioun e kënschtlerescht Wierk vun enger ëmstriddener Persoun ze spillen oder net méi ze spillen, muss vum LRED approuvéiert ginn.

# 5. Protektioun vu Kanner a Jugendlechen

## Wisou ass et wichteg?

Et gehéiert zu de gesetzleche Verflichtungen an zur grondleeënder deontologescher Verantwortung vun all Mediebetrib d'Privatsphär an d'Wuelergoe vu Kanner a Jugendlechen ze schützen. Den Accord vun den Elteren oder Erzéiungsberechtegte vun de Mannerjäregen ass wichteg, mä entléisst den MSP 100,7 net aus senger eegener Verantwortung. Duerch e suergfältegen a responsabelen Ëmgang mat jonke Mënsche stäerkt den MSP 100,7 säi Ruff als zouverlässeg a verantwortungsvoll Medieplattform.

## Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Kanner a Jugendlecher dierfen, aus rechtleche Grënn, net kontaktéiert oder an Emissioune mat abegraff ginn, ouni den ausdrécklechen Accord vun engem Elterendeel oder engem Erzéiungsberechtegten. Dëst gëllt grondsätzlech bis zur Groussjäregkeet, also 18 Joer. Jonker tëscht 16 an 18 Joer kréien awer eng gewësse Selbstbestëmmung unerkannt, déi et ënner gewësse Conditiounen erlaabt, datt si selwer bestëmme kënnen, ob si an de Programmer vum MSP 100,7 matmaache wëllen.

Egal a wat fir engem Alter muss all Kand a Jugendleche selwer forméiert ginn, fir wat d'Material vun oder mat him benotzt gëtt, an et muss seng ausdrécklech Zoustëmmung ginn. An eenzele Fäll kann et néideg sinn, fachlech Expertis iwwer méiglech psychologesch Auswierkunge beim Kand vum Matmaache bei engem Format anzehuelen.

Bei Jonken tëscht 16 an 18 Joer kann nëmmen op den Accord vun den Eltere verzicht ginn, wa virdun analyséiert ginn ass, datt hier Participatioun un engem Programm vum MSP 100,7 weder fir hiert physescht nach hiert psychescht Wuelbefannen e Risiko duerstellt an hier Dignitéit zu all Moment respektéiert ass. Dobäi ass vum MSP 100,7 anzeschätzen, ob och de Jonken déi néideg Kapazitéit huet, déi Risiken ofzeschätzen.

Wann Opname mat Kanner an engem kollektive Kader (z. B. Schoul, Veräin) stattfannen, mussen déi Responsabel op der Plaz sech dorëms këmmeren, d'Zoustëmmung vun den Elteren oder den Erzéiungsberechtegten ze froen.

Journalist:inne sinn dozou verflicht eenzel Kanner, déi bei enger Sendung matmaachen, net op eng Aart a Weis ze presentéieren, déi et Drëtten erlabe kéint, si ze identifizéieren an ze lokaliséieren. Dobäi muss beuecht ginn, datt et och net duerch d'Zesummesetze vu verschiddenen Detailer, déi bekannt gemaach ginn (och wann dës eenzel harmlos erschénge kënnen), Drëtten erlaabt gëtt, d'Identitéit vu Kanner ze rekonstituéieren.

## Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

Reportagen oder Geschichten, déi Mannerjäreger betreffen, besonnesch a sensibele Kontexter (z. B. Mëssbrauch, juristesch Prozeduren), musse vun engem LRED iwwerpréift ginn, fir de Respekt vum Recht op Privatsphär a vun der journalistescher Deontologie sécherzestellen.

Wann et Onkloerheeten iwwer den Accord vun den Erzéiungsberechtegten zur Participatioun vun engem Kand un engem Bäitrag gëtt, ka just den LRED d'Entscheedung iwwer d'Diffusioun huelen.

All Verdacht op Mëssbrauch vu Kanner oder Jugendlechen, dee wärend enger journalistescher Recherche opkënnt, muss direkt un den LRED gemellt ginn, fir datt déi néideg Schrëtt am Aklang mam Gesetz an der journalistescher Deontologie ageleet kënne ginn.

## 6. Berichter iwwer Gewalt- a Strofdoten

### Wisou ass et wichteg?

Strofbar Handlunge musse verantwortlech duergestallt ginn, fir ze vermeiden, datt gesetzeswiddregt Verhale verharmloost oder verherrlecht gëtt. Eng ongëeegent Berichterstattung kéint Mënschen dozou verleeden, dëst Behuelen nozemaachen oder hinnen Informatiounen ze liwweren, déi d'Ausféierung vun esou Akte vereinfachen.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Bei Berichter iwwer kriminell Aktivitéite muss opgepasst ginn, datt keen Ureiz fir oder Opruff zu weidere gesetzeswiddregen Handlungen entsteet – och net implizitt.

Et muss kritesch ofgewie ginn, wéi vill a wéi eng Zort Opmierksamkeet engem strofbaren Akt accordéiert gëtt, fir net ze riskéieren, datt dëst als Ureiz fir aner potentiell Täter:inne ka wierken, déi sech och Publicitéit erhoffen.

Eng Persoun dierf ënner kengem Ëmstänn finanziell dofir entlount ginn, fir iwwer hir strofbar Doten ze schwätzen. Et däerf ni den Androck entstoen, datt Verbrieche belount oder verherrlecht ginn.

Et soll kritesch iwwerpréift ginn, ob et ubruecht ass, eng Persoun – Täter:in oder Verdächtegen – mat enger bestëmmter Grupp an der Gesellschaft ze verknäppen (z. B. reliéis, ethnesch, sproochlech, sozial). Dëst ass mam Zil ofzeweien ni den Androck ze ginn, den MSP 100,7 géif Informatiounen zeréckhalen.

Bei Evenementer an Neiegkeeten, wou d'Elementer net direkt all kloer sinn, wéi engem terroristeschen Ugrëff oder enger Geiselnam, muss d'Berichterstattung extreem virsiichteg sinn, fir den Ausgang net negativ ze beaflossen. An esou Situatioune muss, am Respekt vun der journalistescher Deontologie, mat den nationalen Autoritéiten zesummegeschafft ginn, ënner der Supervisioun a Kontroll vum LRED.

### Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

All Interview mat engem aktiven oder verurteeltem Stroftäter, oder aus engem Prisong eraus, muss vun engem LRED approuvéiert ginn – genee esou wéi Interviewe mat Persounen, déi anonym bleiwe wëllen, fir enger Verhaftung ze entgoen.

Inhalter, déi kéinten esou interpretéiert ginn, datt si illegal Aktivitéiten ënnerstëtzen oder verharmlosen, mussen dem LRED fir eng redaktionell Entscheedung virgeluecht ginn.

All Virschlag, fir den Numm vun engem Sexualverbriecher ze nennen, deem säin Numm nach net ëffentlech gemaach gouf, muss vum LRED guttgeheescht ginn.

## 7. Investigative Journalismus an aner sensibel Theemen

### Wisou ass et wichteg?

E strikte Respekt vum rechtlechen an deontologesche Kader, besonnesch am investigative Journalismus, protegéiert den MSP 100,7 viru juristesche Konsequenzen, wéi z. B. Ukloe wéinst Diffamatioun oder Beleidegung. Och investigative Journalismus orientéiert sech un de Krittäre vun Onofhängegkeet, Seriositéit a Kredibilitéit. Wichteg Faiten am ëffentlechen Interesse opzedecken ass eng Kärmissioun vum Journalismus. De Respekt vu Grondrechter, wéi dat op eng Privatsphär, ënnersträicht dobäi dem MSP 100,7 säin Engagement, der Wourecht op de Grond ze goen, ouni dofir selwer onverantwortlech ze handelen oder d'Gesetz ze briechen.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Perséinlech Informatiounen iwwer eenzel Persoune ginn nëmme publizéiert, wann et eendeiteg am ëffentlechen Interessi läit.

Am Fall vun enger Uklo oder a lafende Geriichtsprozesser ass am Aklang mam Code de déontologie vum Presserot ofzeweien, ob déi Ugeklote mat Numm an/oder Bild identifizéiert solle ginn. An der Reegel nennt den MSP 100,7 keng Nimm a publizéiert keng Fotoen. D'Krittäre fir ze appreciéieren, ob am ëffentlechen Interessen eng Ausnam zu dëser Reegel gemaach soll ginn, sinn ob et sech ëm eng Persoun aus dem ëffentleche Liewen handelt, d'Gravitéit vun de reprochéierte Faiten, d'Fro ob eng Gefor vun de betraffene Persounen ausgeet, déi gesellschaftlech Debatt ronderëm d'Faiten an déi méiglech Valeur ajoutée vun der Identifikatioun.

Am investigative Journalismus ass et besonnesch wichteg, detailléiert Notten ze huelen an ze halen, fir d'Evolutioun vun der Recherche an déi redaktionell Beweisféierung an Argumentatioun kloer kënnen nozevollzéien.

Ausser an aussergewéinleche Situatiounen dierfe Leit, déi interviewt ginn, kee Grond hu fir ze behaapten, hinne wier eng Fal gestallt ginn oder si wieren ënner ongerechtfäerdegten Drock gesat ginn, fir eng Ausso ze maachen. Wann e kloren ëffentlechen Interessi besteet, kann dës Reegel, nom Accord vum LRED, ausser Kraaft gesat ginn.

### Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

All investigativ Recherche muss vum LRED iwwerpréift ginn – virun allem, wa falscht Behuelen, Bedruch oder Korruptioun thematiséiert ginn.

Wann eng Recherche spezifesch kriminell Dote wëllt ënnersichen, muss virdrun den Accord vum LRED ageholl ginn.

All Berichterstattung, bei där kritiséiert kéint ginn, datt d'Privatsphär verletzt gouf, virun allem bei prominente Persounen, muss vum LRED approuvéiert ginn. Inhalter, déi juristesch Risike fir den MSP 100,7 mat sech bréngen (z. B. Diffamatioun oder Verstéiss géint d'Privatsphär), musse juristesch iwwerpréift a vum LRED op héchstem redaktionellen Niveau autoriséiert ginn, éier se diffuséiert ginn.

Bei juristeschen Affären, wou en/eng Journalist:in Grënn erkennt, fir déi betraffe Persounen ze identifizéieren, informéiert en/si den LRED, dee säin Accord muss ginn. D'Decisioun gëtt der ganzer Ekipp matgedeelt a konsequent bis un d'Enn vun der Affär deementspriechend ëmgesat.

All inhaltlech Aarbecht iwwer Persounen aus dem ëffentleche Liewen, déi an d'Privatsphär agräift, z. B. d'groussherzoglech Famill, bekannte Politiker:innen oder aner Prominenter, muss vum LRED

juristesch an deontologesch iwwerpréift ginn.

Verstoppten Opname musse vum LRED geneemegt ginn – a kënnen nëmmen an exzeptionelle Fäll erlaabt ginn.

All geplangten Täuschung fir un Informatiounen ze kommen, muss vum LRED validéiert ginn – och dat kann nëmmen an exzeptionelle Situatiounen erlaabt ginn, an de Prozess muss prezis dokumentéiert ginn.

All Recours op en Touriste-Visa, fir eng journalistesch Aktivitéit an engem anere Land ze verheemlechen, muss vum LRED autoriséiert ginn.

Material, dat en/eng Journalist:in vum MSP 100,7 krut an dat méiglecherweis eng illegal Originn huet, muss direkt dem LRED gemellt ginn.

Opnamen, déi eigentlech reng fir Notten ze huele gemaacht gi waren, a spéider eventuell sollen diffuséiert ginn, musse virdrun dem LRED gewise ginn, deen d'Diffusioun autoriséiere muss.

# 8. Kënschtlech Intelligenz (AI)

## Wisou ass et wichteg?

Fir d'Vertraue vun eisen Nolauschterinnen an Nolauschterer ze erhalen, geet den MSP 100,7 transparent mam Asaz vu Kënschtlecher Intelligenz (KI) ëm a stellt sécher, datt kee Risiko entsteet, datt de Public duerch automatiséiert Inhalter getäuscht kéint ginn oder, datt en Androck vu Parteilechkeet entsteet. Och wa KI organisatoresch Prozesser vereinfache kann, kann hiren oniwwerluechten oder onkontrolléierten Asaz d'Vertrauensrelatioun tëschent Radio a Public beschiedegen.

## Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

KI ka beim Formuléieren oder beim Strukturéiere vu recherchéiertem Material hëllefen, mee all KI-generéierten Inhalt muss virun all Diffusioun vun engem/r Journalist:in iwwerpréift ginn, deen déi redaktionell Verantwortung iwwerhëlt.

Den Asaz vu KI muss am Déngscht vum Public stoen. Generativ KI kann net als Recherche-Outil benotzt ginn, weeder fir Informatiounen ze iwwerpréiwen nach fir Fakten zesummenzestellen – och net ënner Zäitdrock.

KI-generéiert Inhalter musse kritesch iwwerpréift ginn, fir nieft Feeler an Halluzinatiounen och méiglech Virurteeler oder vereinfacht Denkweisen an de Modellen opzedecken. Esou Mängel musse korrigéiert ginn, éier et zur Diffusioun kënnt. Journalist:inne kënne sech bei hirer Meenungsbildung net op eng KI verloossen.

Journalist:inne musse sech vergewësseren, datt et duerch KI-Notzung net zu Verletzunge vun der Privatsphär oder vun Droits d'auteur kënnt.

An dësem neie Beräich ass et wichteg, datt all Mataarbechter:in vum MSP 100,7 opmierksam, virsiichteg a verantwortungsvoll bleift, fir d'Notze vu KI als Outil weider ze exploréieren, mee ouni d'Vertraue vum Public ze verléieren.

De Public muss kloer informéiert ginn, wéini a wéi KI beim MSP 100,7 agesat gëtt – och iwwer déi strikt Grenze vum Asaz vu KI, fir Transparenz a Vertrauen ze erhalen.

Wa syntheetesch Stëmme benotzt ginn, z. B. fir Usoen oder eng Wiederprevisioun, muss dat ausdrécklech kommunizéiert ginn. Et dierfe keng Stëmme vu bekannte Perséinlechkeete gekloont ginn, och net als Witz oder fir rengen Divertissement.

Vertraulech Informatiounen dierfen net a KI-Systemer eropgeluede ginn, fir Analysen oder Commentairen ze generéieren.

Bei de Quellen, mat deene Journalist:inne schaffen, muss a Betruecht geholl ginn, datt KI nei Méiglechkeete geschafen huet fir Texter, Biller an Téin ze veränneren, ze erfannen oder ze fälschen.

## Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

All Asaz vu KI an enger Aart an Weis, déi direkt de redaktionellen Inhalt, deen den MSP 100,7 diffuséiert, beaflosst, muss virdru vum LRED approuvéiert ginn.

Innovativ oder deontologesch sensibel Uwendunge vu KI musse vum LRED iwwerwaacht ginn, fir Transparenz an de Respekt vun den deontologesche Standarde sécherzestellen.

## 9. Extern Stëmmen

### Wisou ass et wichteg?

Als Service public sollen um MSP 100,7 Mënschen aus alle Gesellschaftsberäicher an de Reportagen an aneren Inhalter zu Wuert kommen. Eng equilibréiert a gerecht Duerstellung vun der Gesellschaft hëlleft, d'Vertraue vun alle Mënschen ze gewannen. Gerechtegkeet bedeit an dësem Kontext eng ausgeglache Representatioun, e verantwortungsvolle Montage vun Opnamen an Oppenheet zu alle gesellschaftleche Gruppen, beim Sichen no Quellen an externe Stëmmen.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Bei Persounen aus dem ëffentleche Liewen, virun allem déi aus der politescher Welt, ass eng intern Koordinatioun tëschent de Servicer néideg, fir sécherzestellen, datt et bei enger ugepasster a gerechtfäerdegter Presenz op der Antenn bleift. Domat gëtt eng equilibréiert Representatioun vu verschiddene Meenungen assuréiert an eng Iwwerrepresentatioun vu vereenzelte Persounen oder Stréimungen evitéiert.

Fir dëst Zil ze erreechen ass et un all de Servicer de Planning vun de Programmer à jour ze halen, fir der Hierarchie op héijem redaktionellen Niveau en Iwwerbléck ze erméiglechen. Besonnesch strikt Reegele gëlle wärend den offizielle Walcampagnen, déi vum Medieregulateur festgeluecht ginn.

Aussoen, déi opgeholl sinn, dierfen net esou geschnidde ginn, datt d'Käraussoe vum Spriecher verfälscht ginn. De Montage dierf Bäiträg verdichten, mee net hir Bedeitung grondleeënd veränneren.

Vulnerabel Persoune souwéi Mënsche mat geeschtege Behënnerunge kënnen heiansdo net selwer iwwer hir Participatioun un engem Inhalt entscheeden. An esou Fäll ass eng besonnesch Sensibilitéit gefuerdert, an hiren Tuteur oder eng Vertrauenspersoun muss och ëm hiren Accord gefrot ginn.

### Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

D'Chefredaktioun ka punktuell (z.B. bei politesche Walen) oder allgemeng redaktionnell Lëschte vu prominente Persounen opstellen, bei deene besonnesch op eng équilibréiert Präsenz an de Medie vum MSP 100,7 opgepasst muss ginn. All Interview-Ufro fir Persounen, déi op dëse Lëschte stinn, dierf just iwwer den zoustännegen LRED lafen.

Wann et Onsécherheete gëtt, ob déi néideg Accorde fir e Bäitrag mat enger vulnerabeler Persoun ageholl goufen, muss virun der Diffusioun den LRED forméiert ginn, deen dann iwwer d'Diffusioun entscheet. Wann am Kontakt mat enger vulnerabeler Persoun e Mëssbrauchsverdacht opkënnt, muss dëst zäitno dem LRED gemellt ginn.

## 10. Onofhängegkeet an Interessenskonflikter

### Wisou ass et wichteg?

Seng Onofhängegkeet ass dem MSP 100,7 säin héchste Gutt. Mir sinn onofhängeg par rapport zu Politik, Wirtschaft, Gewerkschaften oder Associatiounen. Mir loossen eis net vu baussen diktéieren, wéi eng Sujete mir wéi couvréieren a wéi eng net. Mir si virsiichteg par rapport zu all Form vu Lobbyismus. Et gëllt awer net nëmmen, sech géint Beaflossung vu baussen ze wieren. Och intern muss déi redaktionell Onofhängegkeet séchergestallt ginn. Duerfir musse mir Interessenskonflikter vermeiden. Vu bausse gekuckt dierf net den Androck entstoen, datt et Interessenskonflikter gëtt, vun der Noriichteredaktioun iwwer d'Animatioun bis bei Museksselektioun. Dat séier an transparent Offeleeë vu méiglechen Interessenskonflikter vum MSP 100,7 als Ganzes a vu senge Mataarbechter:innen ënnersträicht déi redaktionell Onofhängegkeet a vermeit de Verdacht vu Beaflossung duerch baussenzeg Interessen. Dës Transparenz stäerkt de Ruff vum Radio als neutral a kredibel Quell.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

All Mataarbechter:in am redaktionelle Beräich muss seng Aarbecht fräi vun all Verdacht op en Interessenskonflikt ausüben. En Interessenskonflikt ass eng Situatioun, an där d'berufflech Entscheedunge vun enger Persoun vu perséinlechen Interessen beaflosst kënne ginn. Dës perséinlech Interesse kënne finanzieller Natur sinn, wéi zum Beispill eng Beräicherung (a Form vu Suen, Kaddoen oder Wäertgewënn vu Besëtz) vu sech selwer, Familljememberen oder anere Persounen, déi engem no stinn. Mä och ouni datt Suen am Spill sinn, kann et Interessenskonflikter ginn, duerch perséinlech Relatiounen zu Persounen oder Organisatiounen an hiren Aktivitéiten.

Bezéiungen zu Institutiounen, Betriber oder politesche Gruppe mussen dofir oppen deklaréiert ginn, och wann zu deem Zäitpunkt keen evidente Konflikt besteet. Dëst gëllt och fir d'Interesse vun noe Familljememberen.

Den Androck vun Interessenskonflikter kann och am Zesummenhang mat allgemeng positiv bewäerten Organisatiounen optrieden. Beispillsweis kann eng disproportionéiert positiv Duerstellung vun enger karitativer Organisatioun de Verdacht ervirruffen, datt den MSP 100,7 dës Organisatioun preferéiert géintiwwer aneren, änlechen Initiativen.

Geschenker oder Invitatioune vun engem Wäert iwwer ca. 50 Euro dierfen net ugeholl ginn, egal ob se vu Privatpersounen, Firmen oder Organisatioune kommen.

Extern Aktivitéite wéi z. B. Zesummenaarbecht mat anere Medien, d'Schreiwe vun Artikelen oder d'Moderatioun vu Konferenzen, kënnen am Numm vum MSP 100,7 (z. B. bei Partenariater) oder privat sinn. Déi éischt gëllen, mat der mam LRED ofgemaachter Virbereedung, als Aarbechtszäit, déi zweet si privat a komplett ausserhalb vun der Aarbechtszäit. All aner extern Aktivitéiten, bei deenen d'Méiglechkeet besteet, datt e Lien mam MSP 100,7 gesi gëtt, mussen dem LRED gemellt a vun dësem approuvéiert ginn, éier en Engagement agaange gëtt. Approuvéiert privat Aktivitéite kënne vum Organisateur remuneréiert ginn.

En/Eng Journalist:in oder fräie/fräi Mataarbechter:in, dee bei politesche Wale kandidéiert, kann net ouni Aschränkungen normal weider an der Redaktioun schaffen. Den MSP 100,7 huet spezifesch Reegelen, déi an esou Fäll fir jiddwer Betraffenen d'selwecht applizéiert ginn.

### Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

All extern Aktivitéit – dorënner Artikelen, Rieden, Moderatiounen oder Participatiounen un

Evenementer oder Table-ronden – muss virdru vum LRED erlaabt ginn, och wann et sech ëm karitativ Organisatiounen handelt.

Eng direkt Bedeelegung un engem Evenement oder engem Bericht duerch en/eng Mataarbechter:in vum MSP 100,7 oder engem Familljemember, déi als méiglechen Interessenskonflikt interpretéiert ka ginn, muss dem LRED gemellt ginn. An der Reegel gëtt dës Aufgab dann aus Neutralitéitsgrënn engem/r anere/r Mataarbechter:in zougewisen.

All Kandidatur bei politesche Walen, och national Sozialwalen, muss dem LRED esou fréi wéi méiglech matgedeelt ginn.

## 11. Partnerschaften, Sponsoring a kommerziell Kollaboratiounen

### Wisou ass et wichteg?

Den MSP 100,7 ënnerhält mat enger Rei Organisatioune punktuell an zum Deel laangfristeg Partenariater am béidsäitegen Interessi. Dës dierfen awer net dozou féieren, datt de Verdacht entsteet, déi redaktionell Onofhängegkeet wier a Fro gestallt. Duerch kloer Trennlinnen tëschent redaktionellem Inhalt an externe Partenariater gi méiglech Virwërf vu Bevirdeelegung verhënnert. Total Transparenz, wat Partnerschaften oder Sponsoring ugeet, hëlleft d'Vertrauen an d'Integritéit vum Radio ze stäerken.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Partenariater, Echange de services oder kommerziell Kollaboratiounen dierfe keen Afloss op d'redaktionell Aarbecht vum MSP 100,7 hunn. D'Sendunge vum MSP 100,7 an d'Online-Offer mussen, wéi am Kadergesetz festgeluecht, fräi vu Reklamme bleiwen.

D'Gesetz erlaabt just, datt Sendungen oder Programmelementer (ausser de Kannerprogrammer) ënner gewësse Bedéngungen dierfe parrainéiert ginn. Dobäi gëllt: Keng Parrainage-Demande dierf d'Programmentwécklung oder den inhaltleche Fokus beaflossen. All Sponsoring muss kloer gekennzeechent ginn, esou datt de Public Bescheed weess.

Nom Ofschloss vu Partenariater muss reegelméisseg evaluéiert ginn, ob nei oder alternativ Partner kéinte matabezu ginn. Zum Beispill: Den MSP 100,7 dierf net permanent nëmmen eng eenzeg Konschthal promovéieren, wärend aner kulturell Evenementer ignoréiert ginn.

All Partenariat muss kloer ugekënnegt ginn, fir Transparenz vis-à-vis vum Publikum ze garantéieren.

Sponsore vu parrainéierte Programmdeeler dierfen nëmmen um Radio ernimmt ginn, wann e formellen Accord iwwer de Parrainage ënnerschriwwe gouf – net virdrun, fir d'Impressioun ze vermeiden, datt Sendezäit keeflech wier.

### Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

All neit Partenariat an all neien Echange de services mat externe Strukturen, déi iwwer d'Verspille vu vereenzelten Ticketen erausginn, esou wéi och all Erneierung oder Verlängerung, musse vum Generaldirekter ënnerschriwwe ginn.

Wann eng Sendung oder e Programmdeel parrainéiert gëtt, muss all neit Parrainage-Format virun der Diffusioun vum LRED guttgeheescht ginn.

All Invitatioun vun engem Partner u Mataarbechter:inne fir z. B. eng Rees oder fir en Evenement vum Partner ofzedecken, muss dem LRED gemellt a vun dësem approuvéiert ginn.

## 12. Relatioune mam Public an Ufroe vu baussen

### Wisou ass et wichteg?

Den MSP 100,7 ass e Service public an als dësen engem respektvollen an oppenen Ëmgang mam Public verflicht – sief et am Kader vu Froen oder och enger Reklamatioun. Dëst dréit dozou bäi e staarkt Vertrauen tëschent dem Radio a sengen Nolauschterinnen an Nolauschterer ze schafen. Reklamatioune mussen transparent a mat Suergfalt behandelt ginn. Domat weist den MSP 100,7, datt d'Beméiungen, faktuell, transparent a responsabel ze agéieren net nëmmen am Programm, mee och am direkte Kontakt mam Public wichteg sinn.

Eise Public ka scheinbar Feeler oder scheinbar Verstéiss géint editorial Prinzippie vum Sender mat enger Email u feedback@100komma7.lu mellen. Dorop gëtt et bannent kuerzer Zäit eng argumentéiert Äntwert vum zoustännege Responsabelen. Wann e Redaktiounsmember wärend senger Aarbecht direkt mat Plaintë wéinst senger Aarbecht confrontéiert gëtt, deelt en dat senger Hierarchie bannent kuerzer Zäit mat.

An Zäite vun internationalem Drock op d'Pressefräiheet ass d'Sécherheet vun eise Mataarbechter:innen eis wichteg: Wa Journalist:inne wärend hirer Aarbecht menacéiert ginn, wäerte mir aktiv dogéint virgoen. Plaintë wéinst eventuelle Feeler vun eise Mataarbechter:inne si via Mail u feedback@100komma7.lu ze adresséieren.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Am Kontakt mat eenzele Membere vum Public muss den MSP 100,7 déi nämmlecht Wäerter vertrieden, déi och de Programm guidéieren.

Wann e Member vum Public sech wëllt bekloen, gëtt en op déi spezifesch Feedback-Prozedur higewisen, déi op der Websäit an der Rubrik "Iwwert den 100,7" beschriwwen ass. Se gesäit vir, datt Reklamatioune schrëftlech per Post oder per E-Mail u feedback@100komma7.lu musse geschéckt ginn. De Feedback muss spéitstens no 30 Deeg beäntwert ginn.

Reklamatiounen, ob se iwwer de formelle Feedback-Prozess erakommen oder direkt un en/eng Mataarbechter:in ginn, solle frëndlech a professionell beäntwert ginn – ouni den Androck ze ginn, onnéideg an der Defensiv ze sinn. Wa kloer e Feeler gemaach gouf, soll sech einfach an onkomplizéiert entschëllegt ginn. Jee no Gravitéit kann decidéiert ginn, eng Korrektur oder Entschëllegung online oder am Programm ze maachen.

Do wou online ëffentlech mam Public interagéiert gëtt, mécht den MSP 100,7 kloer, wat seng Richtlinne fir d'Plattform sinn, z. B. datt net all Bäiträg gelies, beäntwert oder benotzt ka ginn, well d'Quantitéit ze grouss ass. Wa geziilt e Retour iwwer en Opruff am Kader vun enger Emissioun gefrot gëtt, muss dat méi spéit am Programm opgegraff ginn, fir datt d'Nolauschterinnen an d'Nolauschterer gesinn, datt op hiren Input reagéiert gouf.

Wann eng Interaktioun mat Nolauschterer an Nolauschterinnen an enger Emissioun virproduzéiert gouf oder d'Sendung rediffuséiert gëtt, gëtt explizitt dorobber higewisen, datt et net live ass, fir all Mëssverständnis ze vermeiden.

All Demande no enger offizieller Stellungnam vum MSP 100,7 muss un d'Direktioun weidergeleet ginn an däerf net, ouni virdrun ofgeschwat ze sinn, beäntwert ginn. Dat gëllt och bei Interaktioune mat Journalisten a Journalistinne vu baussen oder wann een den MSP 100,7 offiziell no bausse wëllt vertrieden.

## Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

Wann e Redaktiounsmember wärend senger Aarbecht direkt mat Plaintë wéinst senger Aarbecht confrontéiert gëtt, deelt en dat senger Hierarchie bannent kuerzer Zäit mat. Wann en/eng Nolauschterer/ Nolauschterin net mat enger Äntwert op eng Reklamatioun zefridden ass an nach eng Kéier schrëftlech reagéiert, muss den Echange un den LRED weidergeleet ginn.

Reklamatiounen, an deene behaapt gëtt, datt dem Betraffenen duerch eng Emissioun oder aner Aktivitéit vum MSP 100,7 e Schued entstanen ass, mussen direkt beim LRED gemellt ginn.

Reklamatioune vu Persounen aus dem ëffentleche Liewen (z. B. Deputéiert, Ambassaden, aner Prominenter) mussen, wéi och Ufroe vu Journalist:innen aus anere Medien, un den LRED weidergeleet ginn.

Méiglech Korrekturen oder Entschëllegungen am Programm oder op enger online Plattform, an der Suite vun enger Reklamatioun aus dem Public, mussen am Virfeld vum LRED approuvéiert ginn.

Wa Journalist:inne wärend hirer Aarbecht menacéiert ginn, soe si direkt dem LRED Bescheed.

All Ufro fir en Interview oder eng ëffentlech Stellungnam, déi kéint esou interpretéiert ginn, datt ee fir den MSP 100,7 schwätzt, muss vum LRED autoriséiert ginn.

## Speziell Richtlinne fir Live-Emissiounen

### Wisou ass et wichteg?

Eng suergfälteg Virbereedung vun all Live-Emissioun ass d'Basis, fir ze vermeiden, datt et op Antenn zu Verstéiss géint déi redaktionnell Standarde kënnt. Dozou gehéieren och Emissioune vu baussent dem Studio an Emissioune mat Gäscht, déi am Viraus kloer Virgabe solle kréien. Falls eppes geschitt, dat net virgesi war, kann de Radio esou séier reagéieren, Responsabilitéit iwwerhuelen a sech, wann néideg, entschëllegen, fir esou säi Ruff a seng Glafwierdegkeet ze schützen. An exzeptionelle Situatioune kann et néideg sinn, eng Emissioun virzäiteg ofzebriechen.

### Wéi gi Journalist:innen domat ëm?

Virun all Live-Emissioun mussen all d'Persounen, déi an der Emissioun zu Wuert kommen, drun erënnert ginn, datt live gesent gëtt. Et muss eenzel ofgeschat ginn, ob et doriwwer eraus néideg ass, d'Persounen dorop hinzeweisen, datt bestëmmte Reegele fir de Sproochgebrauch, Humor a respektvollen Ëmgang gëllen.

D'Presentateure vun der Emissioun musse wärend der Iwwerdroung fir follgend Risike besonnesch sensibel si: graff oder beleidegend Sprooch, rassistesch oder stereotyp Bemierkungen, diffamatoresch oder verletzend Aussoen, Parteilechkeet a Schleichwerbung. Wann een oder méi vun dëse Risikoen als héich ageschat ass, wéinst dem Sujet oder den invitéierte Persounen, musse si virun der Sendung kloer mam/mat der Invité:e thematiséiert ginn.

Wann eppes Ongewolltes geschitt, wéi z. B. graff Sprooch, rassistesch oder onpassend Aussoen, muss den Animateur direkt agräifen, d'Persoun un hir Verantwortung am Kader vun de Reegele vum MSP 100,7 erënneren a sech beim Public entschëllegen. Kënnt et zu engem weidere Virfall, trotz zwou Verwarnungen, muss den Interview mat der betraffener Persoun ofgebrach ginn.

Wann eng Persoun Aussoe mécht, déi d'Wäerter vum MSP 100,7 verletzen (z. B. Ureegung zu Haass oder beleidegend Aussoen), muss direkt widdersprach ginn, sech am Numm vum MSP 100,7 däitlech vun der Ausso distanzéiert ginn a sech direkt oder nach am Laf vun der Sendung entschëllegt ginn.

Falls en/eng Journalist:in selwer eppes Falsches seet oder en onpassenden Ausdrock benotzt, muss e/si sech direkt entschëllegen – an dës Entschëllegung och um Enn vun der Emissioun nach emol widderhuelen.

Faktuell Feeler mussen esou séier wéi méiglech korrigéiert ginn, soubal se erkannt ginn.

Falls un Hand vum Kontext erwaart muss ginn, datt eng Diskussioun eskaléiert oder datt et zu Gewalt oder zu Versich kënnt eng Emissioun ze ënnerbriechen, muss den LRED aktiv matlauschteren an am Noutfall d'Verantwortung iwwerhuelen, d'Emissioun ofzebriechen. Wann dëst onerwaart geschitt, kënne d'Presentateuren/Presentatricen dës Decisioun huelen.

### Wéini muss e leedende Redakter/ eng leedent Redaktesch gefrot ginn?

Wa virauszegesinn ass, datt eng Live-Sendung kontrovers kéint ginn oder staark gepräägt vu Persounen ass, déi extreem Positioune vertrieden, muss den LRED am Virfeld informéiert ginn. Dat gëllt och fir Live-Eventer, wou et zu Protestaktiounen oder Stéierunge kéint kommen.

Falls graff Sprooch, inakzeptabel Meenungen, potenziell beleidegend oder diffaméierend Bemierkungen diffuséiert gi sinn, muss den LRED direkt informéiert ginn, och wann nach wärend der Sendung e Widderruff gemaach gouf.

An eenzele Fäll kann et ubruecht sinn d’On-Demand-Versioun vun der Emissioun ze änneren oder net ze veröffentlechen, fir eng weider Verbreedung vun inacceptabelen Aussoen ze ënnerbannen. Nëmmen den LRED däerf entscheeden, datt eng Sendung geschnidden oder aus der Mediathéik geläscht gëtt.